



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Am Februar 2020 (QP n°1840) hunn ech de Mobilitéitsminister gefrot, op et net sënnvoll wier, d'Zwee-Klassen-Trennung an den Zich ofzeschaffen. De Minister huet erkläert dass net virgesinn ass d'éischt Klass ofzeschaffen. Tëschenzäitlech brauchen d'Passagéier fir eng Plaz an der zweeter Klass keen Ticket méi, Leit déi wëllen éischt Klass fuere mussen sech nach ëmmer ee kafen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Passagéier si säit dem Mäerz 2020 an der zweeter Klass matgefuer a wéi vill an der éischter Klass?
2. Wéi vill Recetten huet d'CFL säit Mäerz 2020 duerch de Verkaf vun Tickete fir d'éischt Klass generéiert ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député





LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

Luxembourg, le **03 SEP. 2021**

**Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec  
le Parlement**

**Service Central de Législation  
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4829 du 11 août 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant la première classe dans les trains des CFL, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch  
Ministre de la Mobilité  
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten, op  
d'parlamentaresch Fro n°4829 vum 11. August 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen  
iwwer d'éischt Klass an den Zich**

Säit dem Mäerz 2020 si 14.216.301 Passagéier an der zweeter Klass matgefuer an 294.831 an der éischter. Am Ganze sinn dat 14.511.132 Passagéier déi an der Zäit vu Mäerz 2020 bis Juli 2021 mam Zuch matgefuer sinn.

Duerch de Verkaf vun 33.293 Tickete fir d'éischt Klass, huet d'CFL 413.952 € Recette generéiert, dëst vu Mäerz 2020 bis August 2021.